**2026-07-03_Austausch über inklusive Ferien**

https://www.halto.lu/so/d9PxVK17l?languageTag=en

## Inklusiv Vakanz – Weeër, Iddien an Erfarunge fir Familljen

Vakanz soll gutt doen. Si soll Raum schafen, fir duerchootmen ze kënnen, eppes ze erliewen an Zäit zesummen ze verbréngen.

An awer wëssen vill Familljen, déi mat enger Behënnerung, engem Fleegbedarf oder besonnesche Besoinen am Alldag liewen: Vakanz fänkt dacks laang virun der Rees un, mat Froen, Onsécherheeten a vill Organisatioun.

Wat ass méiglech?
U wat muss een denken?
Wéi eng Ënnerstëtzung gëtt et ënnerwee, um Fluchhafen, am Hotel, um Camping oder bei Ausflich?
A wéi fënnt een iwwerhaapt eng Vakanzform, déi wierklech bei d'Famill passt?

Bei eisem nächste CareMeet Impuls wëlle mir zesummen op d'Thema inklusiv Vakanz kucken, net nëmmen theoretesch, mee no beim Alldag vu Familljen.

Mir schwätzen iwwer verschidde Méiglechkeeten, wéi Vakanz gelénge kann:

mam Auto oder mam Fliger,
um Camping,
an engem Vakanzenhaus, am Hotel, a Clubs,
bei begleete Vakanzen,
bei Gruppereesen
oder mat spezialiséierte Reesofferen.

Och kleng praktesch Hëllefsmëttel fir ënnerwee sinn Thema, genee wéi Froen ëm Sécherheet, Orientéierung a Visibilitéit.

Nieft den Erfarungsberichter vu Famillje wäerten och Leit aus der Praxis dobäi sinn:

E Steward gëtt Ablécker an d'Reese mam Fliger:
Wat soll d'Bordpersonal wëssen?
Wéi leeft Ënnerstëtzung bei mobilité réduite of?
Op wat kann ee sech virbereeden?

Och d'Croix-Rouge wäert vertruede sinn a Froen zu begleete Vakanzen a Gruppereese mat opgräifen.

Besonnesch wichteg sinn eis d'Erfarunge vu Famillje selwer. Well heiansdo hëlleft kee perfekte Guide esou vill wéi en éierleche Bericht: Wat huet gutt funktionéiert? Wat war schwéier? Wat géife mir d'nächst Kéier anescht maachen?

Den Owend soll Courage maachen, Iddie weisen an däitlech maachen: Inklusiv Vakanz gesäit net fir jiddereen d'selwecht aus. Mee et gëtt Weeër, Méiglechkeeten a Mënschen, déi matdenken.

Mir stellen och praktescht Material an nëtzlech Initiativen vir, déi ënnerwee hëllefe kënnen. Eis Kaarten Proche aidant / Proche aidé kënnen deen Owend och matgeholl ginn.

---

## Umeldung

Fir datt mir den Owend gutt kënne virbereeden, biede mir Iech, Iech bis spéitstens **Mëttwoch, de 24. Juni 2026** unzemellen.

Am Umeldungsformular kënnt Dir eis wegl uginn:

- mat wéi vill Persounen Dir kommt,
- wéi eng Sprooch Dir gutt verstitt,
- ob Dir wärend dem Owend eng Begleedung oder Betreiung fir Äert Kand / Är uvertraute Persoun braucht,
- wat fir dës Persoun wichteg ass ze wëssen,
- a wat si wärend dësen zwou Stonne brauch, fir sech sécher a wuel ze fillen.

Gitt w.e.g. am Formular un, wéi eng Sprooch Dir gutt verstitt. Esou kënne mir besser aschätzen, wéi mir den Owend sproochlech esou zougänglech wéi méiglech gestalte kënnen.

Eng Betreiung kënne mir net automatesch garantéieren. Mir probéieren awer, jee no Bedarf a Méiglechkeeten, eng passend Léisung ze fannen. Dofir ass eng fréi Umeldung fir eis ganz wichteg.

**ech wëll dobäi sinn**

En Owend fir all déi, déi sech froen, wéi Vakanz mat besonnesche Besoinen méi liicht, méi sécher a vläicht och nees e Stéck méi freedeg ka ginn. Jidderen huet et verdingt, schéin Erfarungen ze man.

---

Den Owend ass momentan zu **Ieverleng** geplangt. Falls sech duerch d'Umeldungen erausstellt, datt eng Betreiung fir Kanner / uvertraute Persounen oder eng sproochlech Ënnerstëtzung néideg ass, kann et sinn, datt mir d'Plaz nach upassen. All ugemellte Persoune ginn an deem Fall per E-Mail informéiert.

**Adresse: 5-3, rue de la Halte L-8715 Everlange**

**Weebeschreiwung Ieverleng**

---

Bleift mat eis a Kontakt a gesitt, wat bei HALTO wiisst.

---

**info@halto.lu**
**+352 621 243 103**
**www.halto.lu**